

Lëtzebuerg, den 18. August 2020

## **Awer kee „Bou ronderem d'Schoulen“! An elo ?**

Wéi aus dem Rapport « [L'école face à la COVID-19 au Luxembourg](#) », deen de 14. August ënnert anerem vum Educatiounsminister Claude Meisch der Éffentlechkeet virgestallt gouf, ervirgeet, huet de Corona-Virus kee « *Bou ronderëm d'Schoule gemaach* », wéi et nach kierzlech säitens dem Educatiounsministère geheescht huet. Vun all de Schüler an Enseignanten, déi säit dem Ausbroch vun der Pandemie *positiv* getest goufen, nämlech 424, hu mindestens 11,6 %, also **méi wéi all 9., sech warscheinlech an der Schoul mam Virus infizéiert.**

Laut besotem Rapport stellt d'Schoul domat am Verglach zu aneren Domainen aus der Gesellschaft zwar keng Plaz duer, wou de Virus sech iwwerduerchschnëttlech staark verbreet – **allerdénks och net ënnerduerchschnëttlech.** De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP stellt d'Resultater vun dëser Etüd net a Fro. Trotzdeem si mir der Meenung, dass een **heiraus nëmme begrenzt op dat kommend Schouljoer schléisse kann**, dëst virun allem aus folgenden Ursachen :

Et sief drun erënnert, dass vum 11. Mee bis zum 29. Juni nëmme d'Hallschent vun de Schüler all Dag an d'Schoul gaange sinn an nëmme fir déi lescht gutt zwou Woche vum Schouljoer déi alternéierend A/B-Gruppen erëm zesummegeleecht goufen. **Dësen Zäitraum ass eiser Usicht no vill ze kuerz, fir den Impakt vum Zesummeleeë vun de Gruppen A a B op d'Infektiounszuelen ofschléissend als problemlos kënnen ze bewäerten.** Dobäi kënnt, dass während där Zäit d'Primaner net méi an der Schoul waren an doduerch d'Unzuel u Schüler am Schoulgebai insgesamt méi niddreg war, wéi dat fir d'Rentrée wäert de Fall sinn. Ausserdeem ass am Rapport **net nuancéiert ginn, ob déi festgestallten Ustiechungen a Schoule mat oder ouni Maskepflicht am Kllassesall stattfonnt hunn**, déi jo ënnerschiddlech gehandhaabt gouf jee no Lycée uechtert d'Land.

Des Weidere gi mir ze bedenken, dass virum Summer d'Fënsteren a ville Kllassesäll permanent mindestens konnten « *op Kipp* » gestallt ginn, sou dass déi andauernd Zoufuer u frëscher Loft dofir suerge konnt, de Risiko vun enger héijer Viruskonzentratioun an der Loft an domat eventuell Infektiounen iwwert dëse Wee ze verréngeren. **Spéitstens am Wanter wäert et allerdénks ze kal sinn, fir d'Fënsteren an de Kllassesäll permanent op ze loossen** (wann se dann iwwerhaupt op ginn!), sou dass besonnesch a méi klenge Kllassesäll a bei héijem Klasseneffectif d'**Ausbreede vum Virus iwwert de Wee vun Aerosolen eng grouss Roll spillen** dierft.

Aus deene genannte Grënn kann de Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP aus den Erkenntnisser vun där virgestallter Etüd leider **iwwerhaupt keng Entwarnung fir den Infektiounsrisiko**

an der Schoul ofleeden. Natierlech sinn och mir der Meenung, dass alles muss dru gesat ginn, dass d'Schoul esou normal wéi nëmme méiglech oflafe kann. De **Schutz vun der Gesondheet vun der gesamter Schoulcommunitéit** muss dobäi fir eis awer **un alleréischter Plaz stoen**.

De vum Educatiounsminister ugekënnegte « Stufepiang » muss der Realitéit, nämlech dass de Virus sech och an der Schoul iwwerdréit, onbedéngt Rechnung droen. De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP krut bis ewell heizou awer nach guer keng Informatiounen a gouf och op keng Aart a Weis agebonnen.

Fir eis stelle sech ënnert anerem folgend Froen :

- *Wéi ginn d'Schüler an d'Enseignanten effikass geschützt, am Fall, wou de Sécherheetsofstand vun 2 Meter am Kllassesall net garantéiert ass ?*
- *Ass garantéiert, dass an all Kllassesall reegelméisseg d'Loft kann ausgetosch oder gefiltert ginn, och während där kaler Joreszäit, fir esou de Risiko vun Infektiounen iwwert de Wee vun Aerosolen ze reduzéieren ?*
- *Wäert d'Kantin normal funktionéieren, oder bleift et beim Konzept vun der « Frupstuut » ?*
- *Wéi ee Konzept gëllt fir de Sportunterricht ?*
- *Gëtt et eng Teststrategie spezifesch fir den Enseignement ?*
- *Wat passéiert am Fall, wou ee Schüler oder Enseignant positiv getest gëtt ?*
- *Ass d'Notze vun enger digitaler, anonymiséierter Tracing-App fir de Smartphone/Tablet an de Schoulen ugeduecht ?*
- *Ginn d'Enseignanten, d'Schüler an d'Eltere reegelméisseg iwwert d'Unzuel un Infektiounen an « hirem » Lycée transparent informéiert ?*

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert, dass deen ugekënnegte Stufepiang **eng kloer Äntwert op dës Froen** beinhalt an dass mir net just, wéi bis ewell, nëmme iwwert längst getraffen Decisiounen informéiert ginn !